GENERALVERSAMMLUNG

vum Comité des Parents den 18.November 2015

Här Koppes , dir Dammen an Hären aus der Directioun vum Welzer Lycée, léif Proffen a Memberen vum Schülercomité, léif Schüler an Elteren,

Am Numm vum Comité des Parents begréissen ech Iech ganz häerzlech op eiser Generalversammlung déi dëst Joer dann am Kader vun engem Elterenowend vun den 7ième Schüler ofgehaalen gett.

Mir sinn frou dëst Joer och 2 nei Memberen am Comité ze begréissen, daaat ass d'Mme Nizet an den Här Schneider.

Ech well eech dann d'Equipe an hir Aufgaben mol kuerz virstellen;

Mme Grashoff Viviane an den Här Marc Thill sinn an der Commission de restaurant als Membre Effectif

D'Madame Nizet Emmanuëlle an den Här Schneider Willy sinn als Membre suppléant an der Commission de restauration vertrueden.

An der Commision d'Education sinn als Membre Effectif d' Madame Anne Pottier-Windeshausen an den Här Weisgerber Alain.

An d'Madame Anneix- Wagner Diane an ech, mir sinn dann an der selwischter Commissioun als Membre suppléant vertrueden.

Als Personne de Contact sinn ech och dëst Joer rëm disponibel.

Déi Donnéen an résuméen vun den Versammlungen fannt dir och op dem Site vum LN ënnert der Rubrique vum Comité des parents.

Waat sinn eis Aufgaben:

An all Lycée ass een Elterencomité erfuerderlich. Dem seng Aufgaben sinn dann fir an denen verschiddenen Commissiounen mat ze schaffen. Mir ginn bei denen verschiddensten Themen ëm eis Meenung gefroot, mir hun och selwer mol een Uleies, sief et well aner Elteren un eis erun getrueden sinn, fir dass mir déi Themen dann an de verschiddenen Commissiounen uschwätzen, oder mir hunn selwer Verschiddenens waat eis wichteg ass, fir daat bei der Directioun, bei den Proffen oder beim Schülerkomité nozefroen.

Daat sinn oft praktesch Saachen wéi z.B. Info Blieder mat den Adressen déi d'Schüler dann den 1ten Schouldaag kréien, Schoulbicherlësten déi méi fréih sollen ausgedeelt ginn, Fräistonnen , Schoulausflig, Openthalts méiglechkeeten fir d'Schüler, Oflaaf am Schoulrestaurant, heiandsdo sinn et awer och méi heikel Themen.

-Mat enger Equipe vun 6 Leit hu mir d'lest Joer un verschidden Evenementer am Lycée deelgehollt oder matgeschafft.

Hei den Listing vun denen verschiddenen Datumen:

Déi lest Generalversammlung ass den 23.Oktober 2014 am Cader vun der Remise des Prix vum Schouljoer 2013/2014 ofgehaalen ginn.
8. November war eng Réunion des Parents fir d'Elteren vun de 7ième Schüler do haten mir een Infostandstand am Forum.
20. November haten mer een Ofschloss vum Comité mat den Memberen sortants.
2. Dezember war eng Comitéversammlung.
15. Dezember hu mir um Chrëstmaart Waaffelen gebaak an verkaaft.
Dobäi koumen 330€ zesummen fir den Gudden Zweck vum LN ze ënnerstëtzen. Vun hei aus nach emol merci un d'Madame Herbrand déi eis do d'Material zur Verfügung gestallt huet.

7. Januar 2015 Commission de restauration
19. Januar Conseill d'éducation
25. Februar Comité versammlung
14. Juni war d'Porte ouverte wou mir een Infostand am Forum haten.
22. Juni commission de restauration
1. Juli Comitéversammlung
8. Juli Conseil d'Education.
6. Juli war Diplom Iwwerreechung 2014/1015. wou mir als Comité invitéiert waren .

Och wann mir dëst Joer eng Equipe vun 8 Leit sinn, déi actif am Comité matschaffen, wäre mir awer frou wann sech aner Elteren interesséiren fir an den Comité ze kommen.
Mir sinn als Vertrieder vun allen Elteren an awer och am Dengscht vun eisen Kanner am Comité actif a leeschten fir d'Schoul eisen benevolen Beitrag.
Wéi anescht kann een de Kanner déi wichteg Werter wéi „sech sozial an benevol ze engagéiren" mat op den Wee ginn, wéi wann een selwer mam gudde Beispill viergeet.
An dem Sënn hoffen mir, dass mir nach nei Memberen kannen begréissen fir d'Zukunft.

Fir dest aktuellt Schouljoer wärten mir dann och erem an den zwou Commissiounen aktiv deelhuelen, äis Dolléancen an Meenungen vertrieden.
Mir senn ewer och disponibel ver bei Evenementer ze hëllefen, wéi den Chrësmaart oder d'Porte-Ouverte am LN.
Fir OfzeschLéissen well ech awer nach der Directioun mat hiren Attachéen, den Proffen ,
de Leit vum Spos , an dem Schülercomité e grousse Merci soen, fir déi gutt Zesummenaarbecht.
Mir hoffen dass mir och an Zukunft mat eisen Doléancen ne top daaf Ouren stoussen .

ech soen Iech Merci.